ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Frankräich huet rezent bekannt ginn, seng militäresch Kooperatioun mam Mali ze stoppen – e Land, wat sech iwwerdeems ëmmer méi a Richtung vun engem totalitäre Staat entwéckelt a wou och d'Korruptioun ëmmer méi zouhëlt.

An deem Kontext hätte mir folgend Froen un den Här Bausseminister:

1. Wéi eng Auswierkungen huet de Beschloss vu Frankräich, net méi militäresch mam Mali ze kooperéieren, op d'Relatioun tëscht Lëtzebuerg an dem Mali?
2. Wéi bewäert d'Regierung déi rezent negativ Entwécklungen am Mali a gedenkt Lëtzebuerg och säin Engagement am Beräich vun der Entwécklungshëllef mam Mali ze iwwerdenken?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten